



Eis Sprooch egal?

Mir sinn – ee Gléck! – an engem fräie Land – net esou normal fir déi, déi sech alt emol en etlech Gedanken iwwer deen Zoustand maachen. Do huet jiddereen **d'Recht op seng eege Meenug**, ob gesot oder geschriwwen. **Net grad fein** ass et ower, wann een net mat aneren hirer Meenung averstan ass... an si fir gelleg Toperten hält. Dat géllt an der Politik wéi am Privaten. Wien seng Meenung an eng Zeitung setzt, deen iwwerhëlt eng bestëmmte Verantwortung, vrun allem, wann ee mat Nimm oder daitlechen Ëmschreiwunge rondrem sech schléit. D'Gesetz schreift do vir, datt deen ,aneren' dann e bestëmmtent **Recht op eng Äntwert** huet... maja, datt schéngt alt esou eng Saach ze sinn. **Vläicht ass et ower zugudderlescht esouguer besser, et lount ee guer net op queescht Geschreifs.**

Et ass gelungen, datt dacks gemengt gëtt, wien eng Käerz fir d'Lëtzebuergesch geng ufänken, dee misst **,schiif gewéckelt' a vrun allem automatesch géint aner Sprooch** sinn, z.B: géint Däitsch oder Franséisch. Just da kënnt ee roueg soen, dee wier e Fanatiker. De Rodange war keen, den Dicks an de Lentz, den Nik.Welter, de Marcel Reuland an den Tit Schroeder ganz bestëmmt och net, grad esou de Pier Kremer, de Paul Pütz, de Jemp Hoscheit... esouguer de Guy Rewenig oder Äre KLACK-Schreier.

Et gëtt natierlech en Ënnerscheid dotëscht, ob ee mat enger grousser Literatursprooch schéin ofgeséichert op sengem Schreifterrain bleift, oder ob een sech dorwuer eraus och Suerge fir dat souzesoen ,historescht' Stéck vun eiser klenger Identitéit mécht. Muss een dann ëmmer erëm op den Nazien hir Dommheet vum 10. Oktober 1941 weisen? **Eis 3 gréisst ,Nationaldichter' Dicks-Rodange-Lentz hunn an enger Zäit gelieft, wou d'Souverainitéit vum Land un engem gaanz spizege Fuedem gehaang huet**; hei si mir an eiser Geschicht vum 19. an 20. Joerhonnert, déi bei deene meeschte leider vill ze liicht vum Kapp an déi verwinnte Bäichelcher gerétscht ass... si kennen se net éierbar, si ass hinnen egal, an do schéngt et net vu Muttwëll, heinsdo op déi kleng Trëmmchen ze klabberen. Ower ni op eng vun ,eisen' anere Sproochen oder d'Englescht, mat deene mir dach eng eemoleg Sproochsituatioun op der ganzer Welt hunn... fir déi mir iwwerall zimlech beneit ginn.

vum Lex Roth



Dann elo den Tour de France...

De Roland Hoferlin war net nëmme en dichtege Schoulmann; hien huet och selwer Laangstrecke-Liichtathletik gemaach an ass e begeeschterte Fan vu Sport bliwwen, apaart vum Tour de France. Natierlech hëlt hien sech de lëtzebuergesche Reportage op de Schierm...dobäi och eis Sprooch op de Leescht. Vru Joeren hat hien sech druginn, de Reporteren op de Mond ze kucken an hir Sproochknätzelen ze notéieren; den Här Hoferlin fënnt, datt si hir Saach ganz genëseg maachen, ower ze dacks an e „Vizimates-Lëtzebuergesch“ rutschen. Hei sinn dann eng Rëtsch Beispiller, déi hien äis erageschéckt huet; vläicht schreiwten d'TdF-Leit sech déi an de Spigel:

- Hie sträift de Maillot iwwer/deet de M. un • et ass wandstëll/keng Loft • en hëlt nach eppes zou sech/ësst nach eppes • den Ofstand steigt/d'Lach gëtt méi grouss • hien huet sech Erfahrung ugeeeent/huet bäigeléiert • de Ploton hat et net eileg/war net presséiert • ech soen desöfters/méi dacks • si hu vill Zäit agebéisst/vill Zäit verluer • déi ugeschloe Leit/déi midd Leit • de richtege Wee aschloen/...huelen • si hunn deen agehol/...rëmkritt • dee Schnellsten/Séiersten • eng gwësse Rou ass agetrueden/et ass méi roueg ginn • et ass Virsiicht gebueden/et muss opgepasst ginn • hien ass scho länger Zäit dobäi/ewell méi laang dobäi • de Ploton guff ugeféiert/!/? Den X. war vir • ab elo/vun elo un • hie steet deem anere bäi/hëlleft deem • dat geléngt him net/hie bréngt dat net fäerdeg • hie ka säi Wee fortsetzen/ka weiderfueren • et hu sech schwéier Kämpf zougedroen/si ware ferm hannereneen • déi Hëtz huet net ugehalen/...ass net bliwwen/huet sech ginn....



De Roland Hoferlin

Jo, dat ass nëmme Eises!

De Jang ass e verbrueten Tockskapp • d'Kett ass e vermengtent Bëtschel • trän-tel net • du verlupps den Zuch • hal dech riicht • géi mir aus de Féiss • ech hunn eng Bloder um Enkel • ech schreiw mat deer schlankser Patt • wou ass e Pimpampel eng Päiperplap? • Bretzele si keng Bratzelen • de Jos huet e schaar-dege Mond • de Will huet eng Ääss um Kauz • déi Photo ass blatzeg • ech hunn e Kapp wéi eng Rommel • et schëdd wéi mat Eemeren • hal se zou • de Jang geet mam Bengel • de Pol hippt mat de Krätschen • d'Jil huet e Krauselkapp • de Mich gëtt sech net • den Heng ass e Klautchen/Flappes • de Mett schluppt wéi eng Onk • de Schubber geet net ewech • eis Bouneschlupp ass eng Schla-bäizchen • dat hënnescht Rad rabbelt • déi Mauer ass wënsch • mäi Knéi ass am A... • d'Mudder ass raujeg • d'Kënni ass queesch • ech hat de Miserere vun deem Gejicks • d'Ann as eng queesch Zatz • géff dech drun • vun deem Gejicks hunn ech gegierkst • et ass vill Speis tëscht de Weck • ditz net sou schëtzig • ech sinn dä • d'Kënni ass grangeleg • de Pätter ass déck rosen • eis Nopesch ass wéischt • deen houere Jang gëtt sech net • ouni sech drunzeginn, bréngt een net e sëlliche fäerdeg.

Op de Walfer Bicherdeg

Walfer hat d'Chance, **en etlech dichtege Literaturleit** bei sengen Awunner ze hunn. En Nik Weber war net ze bremsen, wann en ,eng an der Kopp' hat; de Lex Jacoby an de Paul Pütz ware Walfer Leit a landbekannt Schreiwerten... déi 3 haten an der ganzer lëtzebuergescher ,Schreiwelandschaft' Frënn a Kollegen, op déi si sech konn- te verloossen. **Ouni déi dichtege Leit un der politescher an administrativer Gemengespëtzt war a wier ower net un déi wichtegst Bicherdeeg aus dem Land ze denken.** Dat Ganzt ass haut eng vun de wichtegsten an dichtege kulturellen Institutiouneen aus dem Grand-Duché!

Eis Actioun-Lëtzebuergesch hat an huet d'Chance, zënter Joer an Dag hire Stand zu Walfer ze hunn, dëst Joer mat enger origineller Neiegkeet fir eis Sprooch: **e Concours mat ganz zolitte Präisser.** Et geet drëm, typesch lëtzebuergesch Ausdréck – wéi dir se jo ewell méi dacks hei dosendeweis an der KLACK fannt – aus dem Lëtzebuergesch an d'Däitsch a Franséisch ze iwwersetzen; den **1. Präis ass mat 500€ mengerwäreg dowäert, duerno 400/300/200/100€.** Den Detail vun dësem Concours liest dir de 5. Oktober an 2. November hei an eiser KLACK.

Schreifweis... a keen Enn!

Déi Däitsch an d'Englänner hu **kee sëlliche Krämpes mat hirer Schreifweis**; bei de Fransouse spillt d'Grammaire an hirem Orthographe-Päckelchen ower eng kriddeleg Roll, z. b. wa mir un deen zackerdjessen ,accord du participe passé' denken, vun hiren on-regelméisseg Verben net ze schwätzen.

Am Lëtzebuergesch hu mir de ,Problem', datt mir Wieder aus 4 Sprooch gebrauchen...an äis de Kapp mat deenen hirem Schreiwten an eiser Sprooch mëll tiermen. Aplaz déi gebraucht ,friem' Wieder schrëftlech sou wéi an hirer Original-sprooch ze loossen, **gëtt plazeweis gemengt, mir missten hinnen e lëtzebuergesch Gesiicht ginn**...ower nëmme plazeweis, well ,merci' gëtt nach ëmmer net ,merssi', ,couloir' net ,Kulluar' a ,boulevard' och net ,Bullwar' asw. Et kënnt ee bal soen, mir wieren e bësse ,schreifweis-maso'; vergiesse vill ze dacks, datt **d'Schreifweis ni an néierens dat Wichtigst vun enger Sprooch ass – wéi d'Rumm vun engem Bild** – mä den ,Idiom' selwer! Ass dat dann esou schwéier ze bekäppen...oder vläicht méi kamoud ze verkniewelen?

Eng Schnok

Mat der Scheierpaart...

Si leie ferm am Bett,
dem Josette ass et kal;
du seet hat sengem Mett:
*Ech schuddre mech scho bal;
meng Mamm huet mech soss waarmgehal,
fir datt et mir net kal soll sinn.*

De Mett huet dat schlecht verstan
an ass schéi knaddreg ginn:
*Muss dat da matzen an der Nuecht
lo och deng Mamm nach sinn?*